piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/11/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Ëmmer méi europäesch Airlines, zum Beispill Lufthansa, Air France a KLM, bidden hire Passagéier WIFI an hire Fliigeren un. Verschidde Fluchgesellschaften ginn esouguer esou wäit, hire Passagéier eng gratis Highspeed-Internetverbindung während dem Fluch unzebidden.

D'Luxair ass aktuell amgaangen, hir Flott ze moderniséieren. Dëst geschitt notamment duerch d'Aféierung vun den neien Embraer E195-E2 an d'Uschafe vun neie Boeing 737.

Allerdéngs bitt Luxair, mengem Wëssensstand no, aktuell nach keng WiFi-Verbindung un, iwwer déi d'Passagéier während dem Fluch op den Internet zougräife kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Plangt Luxair, an de kommende Joren eng Internetverbindung u Bord vun hire Fligeren anzeféieren? Wa jo, wéi gesäit de konkrete Kalenner dofir aus?
2. Wéi eng Maschinnen bei der Luxair-Flott si mat der néideger Technologie virbereet, fir eng Internetverbindung z'erméiglechen? Wéi eng Maschinnen sinn nach net equipéiert?
3. Wat géif et kaschten, fir all d'Luxair Maschinnen esou auszerëschten, dass se Internet u Bord kënnen ubidden?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN



GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés